



Richtung22 A.s.b.l.  
9, Leedebaach  
L-7618 Larochette

RCS: F9278

frEsch A.s.b.l.  
163, rue de Luxembourg  
L-4222 Esch/Alzette

Esch/Alzette, 27.04.2024

Léif Memberen vum CA vu frEsch A.s.b.l.,

mir hunn dräi Wochen laang de Kontakt mat iech gesicht, hunn op eng Äntwert vun iech gewaard an gehofft, dass eis zumindest d'Grënn fir de Rauswurf aus dem Bâtiment 4 genannt gi géifen. En Donneschden Owend kruute mir dann vun der Press e Communiqué, deen am Numm vu frEsch verschéckt gi wier.

Mir huelen dëse Communiqué lo awer als Zeechen, dass mir endlech iwver inhaltlech Froe schwätzen kënnen an bidden iech heimat nach eng Kéier un, an en direkten Austausch mat eis ze trieden fir eng gemeinsam Léisung ze fannen. Mir brauchen een Zeechen, dass dat och vun iech gewollt ass, well eis soss näischt anescht iwwereg bleift wéi weider a méi intensiv ëffentlech ze protestéieren.

Den Pressecommuniqué, deen am Numm vu frEsch verschéckt gouf, tracéiert als éischt den Historique vu Richtung22 zu Esch anhand vu verschidden Entscheedungen an Dokumenter. Mir fannen et am Fong richtig, d'Entscheidung vu frEsch an dësem Kontext ze kucken. Mir gesinn awer och, dass vun der Villa Mousset aus eng Vue op eise Grupp an op d'Liewen am Bâtiment 4 besteet, déi einfach net der Realitéit entsprécht. Mir wëllen dowéinst virun allem mol opklären a Verständnis opbauen.

- Richtung22 wor déi éischt Organisatioun, déi mat hieren Aktivitéiten am Bâtiment4 präsent wor. Zwar hu mir net zu der Zesummesetzung gehéiert, déi vu frEsch am Communiqué genannt gouf, dës Zesummesetzung (zu der iwweregens och noc.turn gehéiert huet) ass awer ni Realitéit ginn. **Richtung22 wor Deel vun deem Kollektiv, dat dann 2021 tatsächlech an d'Gebäi erageplënnert ass**, un de Renovatiounsaarbechten bedeelegt wor an d'Autogestéioun opgebaut huet.

- Et ass net esou, dass d'Porteurs de Projets vun Esch2022, déi eng Ënnerstëtzung vu frEsch kruuten, am September 2022 iwver eng weider Finanzéierung informéiert goufen. Richtung22 huet sech op eegen Initiativ hin am September 2022 bei der Escher Gemeng gemellt, fir e gemeinsame Wee no Esch2022 ze fannen - mir kënnen dat anhand vun Emailen retracéieren. Konventionen, also dauerhaft Finanzéierungen, goufen et schlussendlech keng an d'**Carte Blanche** gouf vu frEsch éischt den 16. Januar 2023 ugekënnegt, d'Deadline wor op den 31. März gesat an den Ofschloss vum Esch2022-Projet (dat wor bei Richtung22 Enn Februar 2023) als Konditioun gefuerdert.

- Richtung22 kruut dann effektiv am Mee 2023 eng “Carte Blanche” zougeschwat an eppes manner wéi d’Hallschent vum Budget accordéiert, deen mir ugefrot haten. Am Pressecommuniqué vu frEsch gëtt betount, dass mir “le montant de loin le plus important” zougeschwat kruuten. Eng méi **international an onofhängeg Jury** wollt also eisem Grupp onbedingt d’Méiglechkeet ginn, sech zu Esch z’etabléieren. D’Bewäertung vum Jury gouf ob Basis vun enger detaillierter Präsentatioun vun eise vergaangenen Aktivitéiten an Zukunftspläng getraff a mir froen eis, wat d’Basis vun der Evaluation vu frEsch elo am Mäerz wor, déi zu enger géigendeleger Aschätzung koum.

- De Vertrag fir d’Carte Blanche ass eendäiteg formuléiert a gëtt am Communiqué vu frEsch falsch erëmginn. En ass **datéiert op den 16. September 2023** (gouf awer éischt den 9.11.2023 vu frEsch ënnerschriwwen zeréckgeschéckt!). En huet als Minimallaafzäit d’Period vun engem Joer, d.h. mindestens bis Mëtt September 2024. Déi éischt Tranche vum Budget ass och eréischt am November 2023 iwwerwise ginn. Wéi frEsch weess, gouf d’Carte Blanche agesat, fir e Filmprojet an een Theaterprojet ze realiséieren: de Film leeft Ufank Mee an de Kinoen un an beim Theaterstéck ass eng Reprise am Hierscht geplangt. frEsch probéiert also grad, Richtung22 während engem laafende Vertrag mat frEsch rauszegeheien.

- D’Duerstellung, dass mir wossten, dass eise **Vertrag Enn Mee 2024 auslafe géif** ass korrekt. Mir hunn awer ëmmer drop gepocht, dass méi laang Verträge noutwänneg sinn, fir dass mir iwwerhaapt laangfristeg plange kënnen an hunn nach net no Alternative gesicht, well mer op Informatiounen vu frEsch gewaard hunn. Vu frEsch kruute mir am November 2023 matgedeelt, dass een weideren Accord mat Arcelor/Mittal et méiglech maache géif, dass de Bâtiment4 weider bestoe bleift an dass frEsch “geschwënn” kommunizéiere wäert, wéi et weidergeet. Ob eis Nofroen zanter November krute mir keng Äntwerten, och dat kënne mir beleeeën. Ë.a. hu mir no engem Rapport vun der Reunioun vu November gefrot. Mir sinn, wéi all déi aner Gruppen am Gebai, dovunner ausgangen weider am Bâtiment 4 bleiwen ze kënnen an et gouf keng Undeitung eis vis-a-vis, dass dat net esou wier.

- Den 20 Mäerz hätt frEsch “iwwer **70 Conventiounen**” evaluéiert, heescht et am Communiqué. Dobäi sinn de Moment just 24 Gruppen, bzw. eenzeln Kënschtler\*innen am Gebäi an et stinn Räum eidel. Déi Zuel vun aktuell 24 Gruppen kënnt wuelgemierkt net vun eis, mee aus der Invitatioun, déi frEsch am November un all Grupp/Kënschtler\*in aus dem Bâtiment 4 geschéckt huet. D’Realitéit ass, dass dräi grouss Räum am Bâtiment4 dauerhaft eidel stinn.

- Et heescht, frEsch wéilt eng “atmosphère vivante, créative et innovante” am Bâtiment 4 hierstellen, huet awer genee déi **Atmosphär** selwer erstéckt. Zanter iwwer engem Joer huet de Bâtiment 4 keng Selbstverwaltung, kee Personal a kee Budget méi. All Schrëtt, déi neideg wieren, een funktionéierenden *tiers-lieu* opzebauen, goufen vu frEsch ënnerbonnen. Hei hu mir d’Diskussioun mat iech gesicht an de Präsident vu frEsch hat am November 2023 versprach een neit Konzept virzeleeën, vu que dass frEsch dat bestoend Konzept innerhalb vum Bâtiment 4 beend hat.

### Zu den eigentlechen Virwërf

De Pressecommuniqué lëscht 7 Punkten op, déi frEsch als Basis benotzt hätt, fir eis an aner Occupant\*innen z’evaluieren.

1) **Fréquentation et utilisation régulières des espaces:** Huet frEsch do eng bestëmmt Minimal-Frequenz opgestallt? Richtung22 gehéiert zu deene Gruppen mat der meeschter Notzung vum Bâtiment 4 a schneid am Verglach mat aneren hei gutt of. Allerdéngs zitt de Mangel u Finanzéierung mat sech, dass mir keng alldäglech Präsenz méi am Bâtiment4 assuréiere kënnen. Dat gëllt och fir déi allermeescht vun deenen anere Gruppen a weist sech besonnegt noom Enn vun Esch2022. Dëst ass ee Fakt, deen mir zanter September 2022 ugeschwat hunn an fir deen et eng eenzeg Léisung gëtt: eng adequat finanziell Ënnerstëtzung vun eisem Grupp.

**2) Contribution à la vie du tiers-lieu culturel:** Och hei stelle mir eis d'Fro, u wat dir d'ësst ge-  
mooss hudd. Et wor Konsens t'ëscht iech an eis während der Reunion am November 2023, dass  
Richtung22 net ze mann, mee ze vill op ee gemeinsam Liewen am Bâtiment 4 gesat huet an  
schlussendlech just nach déi eenzeg Verfechterin vun engem méi groussen Mateneen am Gebäi  
wor. Och si mir dee Grupp mat deene meeschten Kooperatiounen mat aneren Kënschtler\*innen  
a Gruppen am Gebäi. Et stellt sech also d'Fro, wat frEsch mat der "vie du tiers-lieu" mengt.

**3) Participation à la vie culturelle eschoise:** Wat sinn hei d'Kritären a wat versteet frEsch en-  
nert der "vie culturelle eschoise"? Richtung22 huet all seng laafend Projeten zu Esch geplangt,  
geprouwt an deelweis och gewisen. Nieft eiser Aarbecht fannen och eis Treffen a Workshops zu  
Esch statt. Mat Gruppen an Einzelpersonen vun der Uni.lu si mir a stännegem Kontakt fir hei  
een lokalt Netzwierk fir jonk Leit ze schafen. Dass mir zum Beispill mat eisem rezentesten Theat-  
erstéck an der Stad Lëtzebuerg an net zu Esch opgetruede sinn, läit un den Disponibilitäten vun  
Theaterräum zu Esch. D'Member vum frEsch CA, Carole Lorang, dat och Direktesch vum Escher  
Theater ass, kann iech bestätegen, dass mir net emol eng Woch nodeems mir am November  
2023 schlussendlech de Budget vu frEsch haten fir eist Theaterstéck ze realiséieren, eis bei hier  
gemellt hunn fir am Ariston optrieden ze kënnen. Och fir eng Reprise hu mir eis direkt beim  
Escher Theater gemellt. Am Juni 2023 si mir fir d'Lescht an der KuFa opgetrueden a plangen och  
d'ësst Joer nees am Kontext vun der Pride do opzotrieden. D'Präsentatioun vun eisem Buch iwver  
d'Lëtzebuurger Kolonialgeschichte, un deem mir zanter iwver engem Joer schaffen, hätt sollen  
Ufank Juni zu Esch stattfannen, mee lo si mir gezwongen, hei ëmzedenken.

**4) Participation à la transformation de l'image de la ville:** Och d'ësse Punkt wierkt op eis net,  
wéi wann frEsch objektiv Kritären benotze géif. Awéifern passt Richtung22, deen wuel gréissten  
an aktivsten Konschtkollektiv vum Land a gréissten onofhängege Projet am Kader vun Esch2022  
net an d'Image vun Esch? An, wann déi ironesch Fro erlaabt ass, awéifern passt den David Guetta  
besser zum Image vun der Stad, wéi Richtung22? Zanter 2021 schaffe mir aktiv dorunner, Esch  
zu engem Zentrum fir jonk Konschtschafender an alternativ Usäz an der Kreatioun ze maachen.  
Mir hunn eis intensiv mat historieschen, urbanisteschen a sozialen Froen vun der Stad Esch an  
eise Projeten ausernaaner gesat an hunn a verschiddenen Dossierer un den Escher Kulturservice  
an och fir d'Carte Blanche opgezeechent, firwat Richtung22 an Esch grad gutt zesummepassen.

**5) Respect de la sécurité au B4:** Awéifern hätt Richtung22 d'Sécherheet am Bâtiment4 net  
respektéiert? Richtung22 setzt sech vun Ufank un fir besser Sécherheetskoncepter an, mir hunn  
op Problemer bei den Evakuatiounspläng higewisen, eis fir d'Deblockéieren vun Noutausgänk  
agesat, plädéieren zanter 2021 fir eng besser Beliichtung vun de Weeër bis bei de Bâtiment4 an  
hunnen een Awareness-Konzept fir Veranstaltungen am Bâtiment4 mat ausgeschafft. Et stëmmt,  
dass mir d'Kamera-Iwwerwaachung vum Bâtiment4 hannerfroen an hei, well frEsch sech weigert  
eis ze äntwerten, d'CNPD ageschalt hunn fir d'Situatioun ze klären. Mir stinn awer och hei enger  
gemeinsamer Léisung net am Wee.

**6) Propreté et rangement de la cuisine après utilisation:** Mir weisen d'ësse Virwurf, deen eis-  
chten, deen konkret ass, vun eis. Mir benotzen a botzen d'Kichen um zweete Stack net just, mee  
mir hu se och ageriicht an d'Cafeteria iwverhaapt mol renovéiert a miwweléiert. De Virwurf,  
dass d'Kichen um zweete Stack net propper wier, gouf eis vis-a-vis nach ni gemaach, ganz am  
Géigesaz zu de Messagen vum Facilitateur Technique vum Bâtiment 4 zur Kichen um RDC, déi  
reegelmäseg Problemer mécht. Mir wëllen och drop hiweisen, dass mir net déi eenzeg sinn, déi  
d'Kichen um zweete Stack benotzen, mee dax déi eenzeg, déi se opraumen. D'ësse Punkt als Be-  
grënnung fir eise Rauswurf, ouni Beweiser an ouni Verwarnung, elo hei an engem Communiqué  
un d'Press opzeféieren, ass een hannerhăllegen Versuch eis ze diskreditéieren.

**7) Propreté et rangement des salles communes:** Dese Punkt ass deen éischten, vir deen mir mat vill Fantasie Verständnis opbrénge kënnen. Mir sinn an der Vergaangenheet méi wéi eng Kéier vum Facilitateur Technique drop higewisen ginn, dass hien eng aner Virstellung wéi mir dovunner huet, wou zu wéi engem Moment wéi eng Stuf vun Opgeraumtheet herrschen soll. Mir hunn him vis-a-vis ëmmer gesot, dass et onrealistes ass während dem Prouwenzäitraum (Den Zäitraum an deem mir Gemeinschaftssäll gelount hunn) oder zum Beispill och während am Keller eng Bühn gebaut gëtt a mir Material eran a raus transportéieren permanent alles opgeraumt a propper ass. Dat ass einfach esou net méiglech, wéi hien sech dat virstellt - an ausser dem Facilitateur Technique huet och all Mënsch am Bâtiment 4 dofir Verständnis. Mir hunn no all Projet, no all Aarbecht déi gemaach gouf opgeraumt an och ëmmer dann, wann no eis een anere Grupp Säll benotzt huet - awer eben net, wa mir am Stress woren, no all Aarbechtsdag. Wann dat elo e Problem an enger Dimensioun duergestallt hätt, wéinst der mir aus dem Gebäi fléie géifen, dann hätte mir eis eng kloer Uso an een Austausch gewënscht.

Et stellt sech eiser Meenung elo d’Fro, wéi déi Bewäertungsgrondlag zustaan kann ass, a wéi déi “Argumenter” zesummegedroen an iwwerpréift goufen. Et wierkt, wéi wann als éischt emol d’Zil bestaanan huet, eis lass ze ginn an dann, nodréiglech, een Argumentaire opgestallt gouf. Dat ass och déi eenzeg méiglech Erklärung dofir, dass zu kengem Moment virdrunner mat eis iwwer Problemer geschwat gouf. Den ROI, deen eenzeg, deen je am B4 bestaanan huet a vum Kollektiv vum B4 matgeschriwwe gouf an dann vu Präsident vu frEsch am Februar 2023 ausser Kraft gesat gouf, gesäit iwweregens eng Prozedur, inklusiv zwou schrëffleche Verwarnunge vir, fir de Fall, dass et Reegolverstéiss ginn.

Mir hoffen, dass frEsch elo intern zu engem Niveau vun der Sachlechkeet zeréckfanne kann an dass erkannt gëtt, dass et objektiv gesinn besser fir de Bâtiment 4, besser fir de Plan Connexions a besser fir den Escher Kultursecteur wier Richtung22 hei ze behalen an eisem Grupp hei och endlech eng richtig Perspektiv an Ënnerstëtzung ze ginn. Mir si gewëllt een neie Start zu probéieren a mir gleewen un d’Potential vun Esch.

*Am Numm vum Grupp*



Ada Günther  
*Porte-Parole*



Michelle Liesch  
*Porte-Parole*



Maurice Sinner  
*Porte-Parole*